



## **Fête nationale 2017**

### **Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

#### **Cérémonie de remise de distinctions honorifiques**

Mir éieren elo Perséinlechkeeten, déi sech engagéiert hunn, déi e besonnesche Bäitrag geleecht hu fir eis Gesellschaft, fir eis Kultur, fir eis Wirtschaft a fir eist Land. Mir éieren och Leit, déi Aussergewéinlech geleecht hu fir d'Liewe vun engem anere Mënsch ze retten.

#### **D'Madame Liliane RIES-LEYDER**

Vill Lëtzebuurger engagéiere sech fräiwëlleg bei caritativen an humanitären Associatiounen. Stellvertriedend fir si alleguer kommen elo zwou Dammen op d'Bühn.

1967 hunn e puer engagéiert Lëtzebuurger Eltere vun Adoptivkanner aus Indien d'Associatioun *Aide à l'enfance de l'Inde* gegrënnt. Waren d'Aktivitéite fir d'éischt op d'St. Catherines Home zu Mumbai-Andheri ausgeriicht, vu wou di meescht Kanner hierkoumen, sou hunn d'Aktivitéite richtege Réckewand krut, wéi zanter 1982 d'Associatioun Kofinanzementer vum Lëtzebuurger Aussen- a Cooperatiounsministère krut. *D'Aide à l'enfance de l'Inde* ass a 50 Joer e wichtige Bausteen an der Lëtzebuurger Cooperatiounspolitik ginn.

An den 1990er Jore si Projeten am Nepal derbäi komm an d'Associatioun heescht haut "Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal asbl".

D'Presidentin vun haut ass bei eis mat hiren zwee Virgänger, den Häre Gérard Peiffer a Gusty Braun. De Grand-Duc zeechent elo d'Madame Liliane Ries-Leyder mam Chevalier an der Couronne de Chêne aus.

#### **D'Madame Marianne KIRCH-SCHMIT**

Zanter 50 Joer schafft d'Madame Marianne Kirch-Schmit fräiwëlleg mat am Comité National de Défense Sociale. Dem CNDS säin Engagement geet vun dem Drogenhëllefzentrum Abrigado iwwe Nei Aarbecht bis bei d'Vollekkichen an d'CNDS-Wunnen. Si probéieren de Leit bei eis heiheem ze hëllef, déi duerch iergend eng Ursach un de Rand vun der Gesellschaft gerode sinn.

De Grand-Duc iwweerecht elo der Madame Marianne Kirch-Schmit symbolesch fir all déi aner Volontairë beim CNDS an deene villen anere Vereenegungen, déi sech sozial engagéieren, de Chevalier an der Couronne de Chêne.

### **Den Här Jacques LANNERS**

An der Persoun vum Här Jacques Lanners bieden ech elo de Lëtzebuenger Chef vun engem weltwäit agéierende Firmegrupp op d'Bühn, dee schonns 1931 als spezialiséierte Familljebetrieb an der Metallbranche zu Bäreldéng gegrënnt gouf. Den Här Jacques Lanners ass Chairman of the Executive Board vun Ceratizit S.A., déi weiderhinn hire Sëtz an der Holzemerstrooss zu Mamer huet.

Am Joer 2002, huet Är Familljenentreprise Cerametal mat Plansee Tizit vu Reutte aus dem Tirol zu Ceratizit S.A. fusionnéiert. Béid Firme waren schonns laang spezialiséiert op Tungsten an Titanium Carbid wéi och op déi extra Metaller, déi deemols d'Glühbire liichte gedoen hunn.

Haut, 15 Joer no der Fusioun, beschäftegt Ceratizit S.A. 5.800 Employéeeën a 24 Produktiounssiten op der ganzer Welt. Är Firma ass an enger ganzer Palette vu spezialiséierte Metaller aktiv, déi an Zuchrieder, an Turbinen, an de Fligeren asw. zum Asaz kommen.

De Grand-Duc iwwerrechtlech elo de Commandeur am Ordre de Mérite.

### **Den Acteur André JUNG**

Mam Här André JUNG gëtt dëst Joer ee vun de prominenteste Lëtzebuenger Theater- a Filmacteuren ausgezeechent, an duerch seng Persoun och eis ganz kulturell Branche vun den „arts dramatiques“. Seng Carrière huet den André Jung, Joergank 1953, haaptsächlech an der Schwäiz an an Däitschland gemaach. Mat 20 Joer ass hien 1973 op d'Hochschule für Musik und darstellende Kunst op Stuttgart gaang a gouf no senger Studienzäit beim Theater Basel, beim Deutschen Schauspielhaus Hamburg a beim Schauspielhaus Zürich fest engagéiert, wat Referenzadressë fir e Schauspieler sinn.

Zanter dem Joer 2004 spillt hie regelméisseg am Ensemble vun de Münchner Kammerspiele. Hien trëtt och ëmmer erëm a Produktiounen hei zu Lëtzebuerg op. Den Här Jung ass weider regelméisseg a Rollen op der Télé a beim Film ze gesinn, wéi hien dann och bei méi wéi 50 Hörspiele matgewierkt huet. Hie gouf schonns 1981 an nach eng Kéier 2002 vum Magazine „Theater heute“ zum Schauspieler vum Joer gewielt a krut 2009 den éisträicheschen Nestroy-Theaterpräis.

Fir säin exemplarische Parcours als kulturellen Ambassadeur vu Lëtzebuerg am Ausland iwwerrechtlech de Grand-Duc elo dem Här André Jung den Officier an der Couronne de Chêne.

### **De Polizeicommissaire Marcel STEFFEN**

Den 30. Oktober d'lescht Joer, wéi et schonns däischter war, hat e Chauffeur aus dem Minett tëscht dem Rond-Point Féitz a Biergem eng Frontalkollisioun mat engem Bam. De Familljepapp vu 35 Joer war schwéier blesséiert am Auto agespaart. Et huet sech ëm e Gefier mat engem Gastank gehandelt an dat sollt eng geféierlech Inzidenz hunn.

De Commissaire en chef Marcel Steffen, Instrukter an der Polizeischoul an der Stad, ass duerch säi Beruff mat der éischter Hëllef vertraut. Hien ass zoufälleg do passéiert, wou dat uergt Accident geschitt war. Den Här Steffen huet den Eescht vun der Situatioun direkt erkannt an dee schwéier blesséierten Automobilist aus dem Auto gezunn. Wéi d'Victime du geflüstert huet „Gaz, Gaz“, huet hie si nach vill méi wäit vum Auto ewech a Sécherheet bruecht, ier duerch d'Feier den Auto komplett ausgebrannt ass.

Haut geet et dem Här, deen deemools duerch d'Hëllef vum Här Steffen e schrot Accident konnt iwwerliewen, erëm gutt an hie kann do si fir seng Famill.

De Grand-Duc iwwerreicht elo dem Liewensretter Marcel Steffen de Chevalier am Ordre de Mérite.

### **Monsieur Odair Manuel LIMA NEVES**

Méi dramatisch a leider ouni e glécklechen Ausgang war 10 Deeg virdrun, den 18. Oktober 2016 Moies, d'Accident beim Rond-Point Raemerich zu Esch. Do ass eng Fra vun 28 Joer vun der Strooss ofkomm a mat hirem Auto an de Killweier vun Arcelor-Mittal gefall. D'Automobilistin war am Auto ageklemmt a si sollt d'Accident net iwwerliewen.

Den Här Lima Neves, haut 37 Joer al, schafft bei enger Escher Baufirma. Duefir war hien dann och op engem Chantier an der Géigend vum Accident. Mat engem spontane Geste vu Courage ass den Här Lima Neves direkt an dat kaalt Waasser gesprong an huet ënnert dem Risiko vu sengem eegene Liewe probéiert, di accidentéiert Fra aus der Carcasse vum Auto ze befreien. Et sollt leider ëmsoss sinn.

Wéi den Här Lima Neves aus dem Waasser komm ass, gong hien einfach a bescheide senger Wee. Säin heldenhafte Geste ass eréischt méi spéit duerch en Zeienopruff bekannt ginn.

Monsieur Lima Neves: en reconnaissance de votre courage au risque de votre propre vie, le Grand-Duc va vous remettre à présent le Chevalier de l'Ordre de Mérite du Luxembourg.